



Dossier suivéiert vum

Schäfferot ☎ 359 711-207

✉ college.echevinal@sandweiler.lu

CSV Sandweiler

Madame Simone Massard-Stitz

Här Romain Dumong

Här Jean Lemmer

Sandweiler, den 27. Juni 2024

Betrëfft : Är Fro un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 23. Mee 2024

Eis/Ref.. : CSV - 2024.5.23 - CE

Är /Ref. : Courier vum 17. Mee 2024

Madame Massard-Stitz,

Här Dumong,

Här Lemmer,

Heimadde schécke mir lech d'Äntwerten op Är Froen déi Dir un de Schäfferot hat an der Gemengerotssëtzung vum 23. Mee 2024.

Fro 1:

"No der Installatioun vun enger neier Clôture beim Fussballterrain ass den Defibrillator deen ëmmer einfach accessibel war, elo net méi zougängelech.

En Defibrillator rett Liewen! Wat gedenkt de Schäfferot fir dës liewensgefëhrlech Situatioun méiglecht séier aus der Welt ze schaffen? Et ass wichteg dass dës fir all Sportler vun deenen Infrastrukture, d'Foussgänger an d'Scouten, einfach zougängelech ass."

Äntwert:

D'Gemeng ass am Gaangen dësen Site am Kader vum Container-Vestiaire ze reamenagéieren an d'Aarbechte sinn nach net ofgeschloss.

Et ass ganz evident, dass den Defibrillator soll einfach accessibel si fir d'Leit.

Fro 2:

"Op der „Kräizung Scheedhaff" goufen, no enger laanger provisorescher Installatioun, fest Schëlde installéiert, enner anerem fir t'Maximalvitess op 70km/h ze limitéieren. Hutt Dir Kenntnis driwwer ob an a wéi engem Delai och fest rout Luuchten installéiert ginn? Kennt Dir des Kenntniss w.e.g. mat de Bierger an dem Gemengerot deelen?"

Äntwert:

Den Ament si mir iwwerhaapt frou déi provisoresch Routluuchten installéiert kritt ze hunn.

Äntwert:

Den Ament si mir iwwerhaupt frou déi provisioresch Routluuchten installéiert kritt ze hunn.

Bis elo ass nach kee präzisen Datum am Raum. De Schäfferot bleift natierlech optimistesche fir en Kéier eng global Léisung an deem Eck erreechen ze kënnen.

Fro 3:

"Cité de l'aéroport - Findel: Laut engem Artikel am Journal vum Mäerz huet d'Buergermeeschtesch Mme Breuer gesot de Schäfferot hatt deemnächst e Rendez-vous um Ministère des Finances fir iwwer déi genannte Cité ze diskutéieren. Huet dee Rendez-vous scho statt fonnt? Wat kount dobäi raus a wéi geet et mat der Cité weider?"

Äntwert:

Dee Rendez-vous huet stattfonnt. De Staat ass Eegentümer vun dësem Terrain an d'Gemeng huet bis elo nach näischt Konkretes matgedeelt kritt.

Fro 4:

"No der Constructioun vun zousätzleche Vestiaire beim Fussballterrain goufen d'Vëlosstänner ofgebaut. Kommen nees nei Vëlosstänner bei de Fussballterrain? Wann jo, wéini a wouhi genau? Wann nee, wat ass d'Begrënnung vum Schäfferot fir keng nei Vëlosstänner mei ze installéieren?"

Äntwert:

D'Gemeng ass am Gaangen dës Site am Kader vum Container-Vestiaire ze reamenagéieren.

Et ass ganz evident, dass de Vëlosstänner erëm montéiert gëtt.

Fro 5:

"Den neie Schäfferot huet no senger Amtsaféierung divers lafend Projete gestoppt oder réckgängeg gemaach, aner, schonn am Conseil gestëmmt Projete nach mol ëmgeännert, oder bei lafende Projete den externe Partner gewiesselt an domat de Projet quasi nei ugefaangen. Kennt Dir ons w.e.g. am Detail all Projete oplëschen di gestoppt oder réckgängeg gemaach goufen, oder wou den externe Partner gewiesselt gouf. Kennt Dir ons am lëschtgenannte Fall och de Grond fir dës Partnerwiessel matdeelen? Kennt Dir ons och w.e.g. am Detail oplëschen wéi vill Geld schonn an di gestoppten / réckgängeg gemaachte Projete gefloss war, wéi vill d'Etudé fir d'Annerungen u gestëmmt Projete ausgi goufen a wéi vill Geld schonn un déi ausgeschlossene Partner gefloss war?"

Als Beispiller fir sou betraffe Projete, fir déi mir déi Detailer froen, wäeren hei just genannt:

- Drone / 3D Vermessung vum Duerf
- Ëmännerungen um Projet de réaménagement rue d'Itzig
- Modifikatioun vum de Plang „Generationenpark“ / „parc à Sandweiler“
- Modifikatioun vum de Plang fir t'Crèche

Wéi eng aner Projete goufe wéi uewe beschriwwen ëmgeännert, réckgängeg gemaach, ... "

Äntwert:

Dir hutt gefrot : "Den neie Schäfferot huet no senger Amtsaféierung divers lafend Projete gestoppt oder réckgängeg gemaach, aner, schonn am Conseil gestëmmte Projet'en nach mol ëmgeännert, oder bei lafende Projet'en den externe Partner gewiesselt an domat de Projet quasi nei ugefaangen... .

Deen aktuelle Schäfferot huet effektiv esou Moosnamen geholl fir dës Projeten ze verbesseren am Intérêt vun de Bierger.

Bei der "Drone / 3D Vermessung vum Duerf" huet den aktuelle Schäfferot eng komplett Aversioun.

Mussen eis Bierger ausspionnéiert ginn ënnert dem Virwand vun enger 3D Vermessung vum Duerf mat enger Drone? Wéi ass et mat der Privat-Sphär? Wéi ass et mat der "Protection des données" ?

Dir gitt : "Als Beispiller fir sou betraffe Projet'en, fir déi mir déi Detailer froen, wäeren hei just genannt:

- Drone / 3D Vermessung vum Duerf : **11.600,00 Euro bezuelt fir e Projet**
- Ëmannerungen um Projet de réaménagement rue d'Iltzig : **keen Décompte gemaach**
- Modifikatioun vun de Plang „Generationenpark" / „parc à Sandweiler" : **keen Décompte gemaach**
- Modifikatioun vun de Pläng fir t'Crèche : **keen Décompte gemaach**

Wéi eng aner Projet'e goufe wéi uewe beschriwwen ëmgeännert, réckgängeg gemaach, ... " : De Schäfferot versteet de Sënn vun Ärer Fro net (kuckt uewendriwwer) !

Fro 6:

"Am „Sandweiler Aktuell 07-2024" gouf iwwer d'archeologesch Ausgruewungen am Zesammenhang vum Projet Parc a Projet réaménagement rue d'Iltzig geschriwwen. Beim éischtgenannte Projet wäeren des Ausgruewunge fäerdeg. Kennt Dir ons w.e.g detailléiert matdeele wat dobäi fonnt gouf an ob dat en (historesche) Wäert huet ?

Gouf bei den Ausgruewungen an der rue d'Iltzig schon eppes vun Interessi fonnt? Wann jo, wat?"

Äntwert:

De Schäfferot huet bis elo nach kee Rapport vun der INRA (Institut National de Recherches Archéologiques) kritt.

Fro 7:

"PAG: Um Internetsite vun der Gemeng Sandweiler, méi genau ënner <https://sandweiler.lu/fr/commune/pag>, fannen sech all interessant Dokumenter zum neie PAG, wéi se ënner der aler Majoritéit ausgeschafft an am Gemengerot gestëmmt goufen. Leider fannen sech awer déi lascht Dokumenter déi ënnert der LSAP/DP Majoritéit ausgeschafft goufen, speziell d'Presentatiounen aus dem Gemengerot vum 14. Mäerz 2024 sou wéi déi passend Deliberatioun hei net erëm. Wat ass de Grond dofir? Wéini sollen déi Dokumenter, sou wéi dat och an der Vergaangenheet de Fall war, op transparent Aart a Weis den interesséierte Bierger op der selwechter Platz zur Verfügung stoen?"



Äntwert:

Wéi dir wësst ass de PAG elo bal ganz duerch Prozedur, et steet nëmmen nach déi definitiv Decisioun vum Minister vun den "Affaires Intérieures" aus.

Soubal dës Decisioun do ass, gëtt si um Internet-Site publizéiert.

Déi aktuell Gemengerotsmembere konnten nëmmen nach en Avis zu de Reklamatiounen déi un de Minister vun den "Affaires Intérieures" gericht waren, ginn.

Leider war et net méi méiglech Ännerungen ze maachen.

Dësen Avis ass och net bindend fir de Minister.

D'Leit kënnen natierlech d'Deliberatiounen déi an der Gemengerotssitzung vum 14. Mäerz 2024 geholl gi sinn, ufroen.

D'Gemengerotsmembere hunn ugekënnegt spéider verschidden Decisiounen ofzeänneren duerch ponktuell Modifikatiounen vum PAG.

Einstweilen waart de Schäfferot op dem Minister vun den "Affaires Intérieures" seng definitiv Décisioun.

Fro 8:

"Am Budget 2024 fënnt sech den Artikel 4/120/221311/24010 (Modernisation du bâtiment de la mairie à Sandweiler) mat engem Montant vun 130 000€. Wat genau gouf un dësem Projet scho geschafft? Wéineg Punkte genau um Gebai ginn aktuell ënnersicht fir ze moderniséieren? Gi just eventuell Modernisatiounen ënnersicht oder och Ausbauméiglechkeeten?"

Äntwert:

De Schäfferot hält sech vir, Iech déi néideg Informatiounen "le moment voulu" ze ginn.

Fro 9:

"Em den Ufank vum Mount Abrëll gouf et en Abroch am Centre Culturel. Iwwer wéie Wee sinn d'Abrieche an de Centre Culturel era komm? Waren d'Alentoure vum Centre Culturel zu deem Zäitpunkt beliicht? Weie Schued (materiell a finanziell) ass dobäi entstan? Huet de Schäfferot geplangt weider Sécherheetsmesuren ëmzesetze fir Abréch a Gemengegebaier am Allgemengen ze souwäit méiglech ze verhënneren? Wann jo, wéi eng zousätzlech Mesure si geplangt?"



Äntwert:

D'Police Grand-ducale ass nach mat der Enquête am Gaangen !

Fro 10:

"De 7. Mee 2024 huet eng Konferenz mam Titel „Wéi digital resilient ass de Gemengesector?" stattfonnt, organiséiert vum Ministère des Affaires intérieures zesumme mam Syndicat des villes et communes luxembourgeoises (SYVICOL) an dem Luxembourg House of Cybersecurity (LHC). Publikum: Lokalpolitiker a Gemeindebeamten.

War de Schäfferot an/oder e fir IT zoustännege Beamten op där Konferenz präsent fir sech ze informéiere wat déi aktuell Risike fir Gemengen si am Beräich Cybersécherheet, a wat wuel ab spéitstens dem 17. Oktober mat der Ëmsetzung vun der europäescher NIS2 Direktiv an nationaalt Recht ob d'Gemengen zoukënnt?

Wéi eng technesch an organisatoresch Mesuren hellt d'Gemeng elo scho fir d'Date vun de Bierger ze schützen a performante Service um Bierger ze garantéieren trotz den aktuelle Risiken deenen all IT-Infrastruktur ausgesat ass.

Wéi eng technesch an organisatoresch Mesuren imposéiert d'Gemeng sengen externe Partner déi un der IT-Infrastruktur schaffen oder des geréieren?

Laut engem Wort-Artikel vum 8. Mee iwwer des Konferenz gouf et an de leschten 3 Joer zu Lëtzebuerg net manner wéi 56 Cyberattacken op Gemengen."

Äntwert:

De Schäfferot mécht säi Bescht fir mat Hëllef vu senger Beamten a Firmen déi digital Sëcherheet sécherzestellen.

Fro 11:

"Fir d'Joer 2023 huet de Staat am Fonds de dotation globale des communes en lwwerschoss vun 53 Milliounen festgestallt, dee mat den Avancen un d'Gemenge soll ausbezuelte ginn.

Kennt Dir ons soe wéi vill dovun d'Gemeng Sandweiler kritt?

Huet d'Gemeng Sandweiler mat der leschter Tranche scho méi ausbezuelte kritt?

Kennt Dir ons soe wéi vill Gewerbesteier um Terrain vun der Gemeng Sandweiler am Joer 2023 erakomm sinn?

Wéi vill dovun sinn an de Fonds de dotation globale des communes gefloss?

Wéi vill huet d'Gemeng am Joer 2023 ausbezuelte kritt?"

Äntwert:

"Kennt Dir ons soe wéi vill dovun d'Gemeng Sandweiler kritt?"

Et ware fir 2023 1.756.585 Euro virgesinn.

No der Berechnung kréie mir 1.829.869 Euro

E Plus 73.284 Euro/pro Tranche

"Huet d'Gemeng Sandweiler mat der leschter Tranche scho méi ausbezueelt kritt?"

Mat der Leschter net. Mat der Juni Tranche 2024 kréie mir normalerweis alles bezueelt.

"Kennt Dir ons soe wéi vill Gewerbesteier um Terrain vun der Gemeng Sandweiler am Joer 2023 erakom sinn?"

Gewebesteier 2023 (Impôt commercial) 2.525.944,96 Euro

"Wéi vill dovun sinn an de Fonds de dotation globale des communes gefloss?"

Total fonds de dotatioun de la commune : 13.981.603,50 Euro

"Wéi vill huet d'Gemeng am Joer 2023 ausbezueelt kritt?"

13.981.603,50 Euro

De Schäfferot,

Claude MOUSEL
Schäffen



Jacqueline BREUER
Buergermeeschtesch



Corine COURTOIS
Schäffin

